Centenaire 1980

Als Optakt vun de Feierlechkeete gouf et de 26. Juli e Cortège mat den zwou Pompjeesmusike Gilsdrëf a Bettenduerf, déi duerno zesummen e Concert am Zelt gespillt hunn.

Den Départ war um Camping. Hei gesi mer de Cortège op der Bréck, vu wou aus e laanscht déi al Molkerei an d'Cité Pierre Strauss bäi d'Festzelt goung.

1. Rei: *Kayser Jean-Pierre, Mainz Elisabeth, Granelli René, Reinig Ed*

2. Rei: *Walch Edmond, Majerus Willy, Meyers Aloyse, Scheuer Pierre*

Fräiwëlleg Pompjeeë Bettenduerf

1993 war d'Joer, wou mir mat massivem Héichwaasser konfrontéiert gi sinn. D'Situatioun war dramatesch. D'Fräschegaass stoung komplett ënner Waasser, zemol och nach d'"Dâm" an der "Äe" dem Drock vun der Sauer net méi gewuess war, gebrach ass an d'Sauer zu engem groussen Deel direkt vun der "Äe" duerch d'Fräschegaass an d'Schlassstrooss gefloss ass.

Mat dem Motorboot, dat mir vun der SEO vu Veianen geléint kruten, konnten d'Leit aus der Fräschegaass an aus dem Krippel évakuéiert a verfleegt ginn. Duerch déi vill Iwwerschwemmungen an den 90er Joren ass d'Iwwerzeegung opkomm, e Rettungsboot unzeschafen.

Jugendpompjeeën

Stand Jugendpompjeeën 2005:

Numm	**Bäitrëttsdatum**
- Stijnen Jim	01.03.2001
- Schaul Mats	27.03.2001
- Stijnen Jo	24.03.2002
- Zeches Leo	06.04.2003
- Mollinger Tom	14.01.2005
- Schaul Greta	14.01.2005

Stijnen Jim

Mat deene sechs ass cool schaffen, et hätt een awer nach weider Méiglechkeete mat méi Leit, dofir den Opruff un d'Jugend vun 8 Joer un:

„Wann dir Interessi hutt, kommt eech d'Saach ukucken oder meld eech bäi engem vun eise Responsablen!"

Eng Auswiel Asätz vun 1980-2005

02.05.1999

Am spéiden Nomëtteg goufe mir alarméiert, datt zu Méischtrëff an der Haaptstrooss een Haus géif brennen. Um Wee fir dohin hu mir schonns eng deck schwaarz Dampwollek gesinn.

Pompjees-Musik

Concert Hits of the 90's

D'Musiksschoul

Eis Solfègecoure reeche vun der "Initiation à la Musique" bis zum drëtte Joer Solfège. Dëst Joer si 76 Schüler ageschriwwen, déi vun dräi Chargée betreit ginn.

Well d'Schüler vun dem 2. Solfègejoer un zousätzlech en Instrument léiren, komme mir op en Total vun 108 Schüler, déi d'Bettenduerfer Musiksschoul besichen.

Buergbrennen

Mä de Wee dorobber war zimmlech beschwéiert, esou datt am Joer 2000 entscheet gouf, fir an Zukunft d'Buerg ënne bäim Duerf ze brennen.

Hei besteet d'Méiglechkeet en Zelt opzeriichten, fir datt d'Leit bei flotter Ambiance eppes drénken an e Maufel iesse kënnen.

Turelbaach

D'Bettenduerfer Pompjees-Musik huet bäi de Spiller an der Turelbaach (Präisfëschen a Rallye) 5 mol vun 1986-1990 eng Trompett gewonn.

Den aktuellen Ënnerkommandant Kraemer F. bäim Präisfëschen.

De Nico Klein présentéiert déi gewonnen Trompett.

De ganze Veräin freed sech!

Hämmelsmarsch

Den Hämmelsmarsch ass niewt enger gudder Gelegenheet fir d'Keess opzebesseren och eng flott Traditioun, well d'Musikante ginn op ville Plaze mat Iessen an Drénke verwinnt.

Wéi an den 80er Jore Bettenduerf esou grouss gouf, datt et onméiglech ass, den Hämmelsmarsch sonndes moies am ganzen Duerf ze spillen, koume vill Proposen op den Dësch: ënnert anerem dat Ganzt op samsdes ze leeën, mä et gouf gekontert: "Den Hämmelsmarsch gehéiert op Kiirmessonndeg!"

De Kompromëss, dee fond gouf, war, den Hämmelsmarsch weider sonndes am Duerfkär ze spillen a samsdes op d'Häff a bäi déi Haiser, déi méi wäit eraus leien, ze fueren. Well samsdes d'Distanze méi grouss sinn, gëtt den Hämmelsmarsch dann op engem Won gespillt, mä sonndes gëtt weiderhin den Tour zu Fouss gemaach.

Eng kleng Anekdot: de Versuch dem Numm Hämmelsmarsch gerecht ze ginn, andeems Hämmel matgeholl goufen, ass leider "an d'Box gaang": d'Déiren hunn hire Kapp duerchgesat a ware geschwënn net méi bereet mat de Musikante virop ze goen. Wann et dem Jemp och leed gedoen huet, seng Hämmel hu misse vun him heemgefouert ginn.

Krëstmaart

Nom Iessen huet d'Bettenduerfer Strëpp fir déi néideg musikalesch Ambiance gesuergt.

Eng vun de Spezialitéite vum Krëstmaart waren déi selwer gemaachte Bûchen.

Pompjees-Rallye

An den 80er an 90er Joren hu mir och regelméisseg um traditionellen Dikrecher “Pompjeesrallye”, e Rallye pédestre, wou Pompjeescorpsen aus dem In- an Ausland sech getraff hunn, deelgeholl. 5 Mol hu mir déi éischt Plaz beluecht.



Ratlose Gesichter bei den Bettendorfern

v.l.n.r: *Kisch F., Kisch R., Bertemes C., Bertemes M., Hermes C., Kisch G., Mainz P., Heck J.-P.*

Die Siegermannschaft aus Bettendorf

1. Rei: *Poecker J.-Cl., Poecker P., Schroeder G., Kisch F., Kraemer R.*
2. Rei: *Kisch R., Faust A., Kraemer F., Heck J.-P.*

“Square General Breckinridge”

Meyers Aloyse, General Breckinridge, Pleim Jean an Atten Michel

Aweiung vun der Plaz “Square General Breckinridge”, als Erënnerung un d’Zaldoten aus dem 10. Infanterieregiment vun der “U.S. Army”. Dëst Monument steet op der Plaz, wou nach bis virun e puer Joer de beschtbekannte Café-Restaurant “a Weltesch” stoung.

Bettendorf

Niewt dem Bettendorf hei am Land gëtt et op d'mannst nach folgend Uertschafte mat deem selwechte Numm:

- Bettendorf an Iowa, USA
- Bettendorf (Alsdorf) bei Aachen, Däitschland
- Bettendorf bei der Loreley, Däitschland.
- Bettendorf am Elsass, Frankreich

Mat Bettendorf bäi Aachen huet d'Pompjees-Musik zënter Joren eng enk Bezéiung. Eise Veräin war déi éischte Kéier de 14. Juni 1987 an Däitschland bäi hinnen op Besuch. Dat selwecht Joer, de 27. August, sinn eis däitsch Frënn eis besiche komm. No dem éischte Kontakt hu mir eis du iwwer d'Jore weg oft rëmgesinn, siew dat an Däitschland oder hei am Duerf.

Den éischte Besuch vu Bettenduerf zu Bettendorf.